# KABESKAPP

(E klenge Sketsch fir 6 Personen,dien sech am beschten dobausse spille le'sst. Op der Bühn mussen se emmer vun enger Seit era kommen,dann erem di âner Seit eraus,fir ze weisen,dass et sech op der Stross ôfspillt.)

Fra :(kennt bis op d'Bühn a rifft) Margot...Margot...

Margot :(di âner Seit eran) Wât gelifft Mamma...

Fra : Ge' lâf mer nach se'er bei de Geme'shändler e sche'ne Kabeskapp sichen...(si verschwennt erem di selvecht Seit)

Margot : (an engems ass et aus gêt an erem era kennt,widderho'lt et an engem Steck) Kâbeskapp,Kâbeskapp,Kâbeskapp...

Elere Mann :(En elere Mann,op e Bengel gesteipt,gêt lanscht,lauschtert an iergert sech)...Wât ass dât eng frech Welt hautzedags, Eiserên hätt emol sollen engem âle Mann "Kabeskapp" noruf-fen. So he'er emol du frecht Steck...Ech wärt dech le'eren e Mönsch,die ro!eg iwert d'Strôss gêt Kàbeskapp ze ver-nennen...

Margot : (verwonnert) Wât soll ech da soen...?

Mann : Neischt solls de soen,wanns de iwer d'Stross gês...gu r neischt...(hie gêt di âner Seit aus.)

Margot : Neischt soll ech soen...neischt,guer neischt...neischt, guer neischt..neischt,guer neischt...

E Mann matt Lotteriesbillets kennt eran a rifft :.. Billets vun der Ausstellungslotterie...All zwête Billet gewennt... all zwête Billet gewennt...

Margot : Neischt,guer neischt...neischt guer neischt...

Mann : (iergert sech) Wât...De! du de Mond mol nach eng Ke'er op,da soen ech der eppes âneschtNên,nên,di Kanner vun haut entdachen net vill...

Margot : Entdachen net vill,entdachen net vill,entdachen net vill..

Fra matt engem Kuerf matt Äppel kennt eran : Kâft iech Äppel, prima Äppel...kuckt iech s'un..so' sche'n..so' gesond. Meng Äppel sin vun der beschter Qualite't..Meng Äppel...

Margot : entdachen net vill,entdachen net vill,entdachen net vill..

Fra : Wart Medchen,so du dât mol nach eng Ke'er..Meng Äppel si prima soen ech...Prima...

Margot : Prima,prima,prima...

E Mann kennt op engem Velo e fellt duer,et kann och ê sin dien aus retscht an op de Buedem fellt..

Margot : (gêt judt lanscht) Prima,Prima..Prima...

Mann : (dien sech nel vill we' gedo huet sprengt gleich erem op a wellt em eng hauffen....) So'eppes freches hun ech ower nach net gesin...Dât do soen ech der Police...

Margot : Police...Police..Police...(hatt fängt un ze lâfen) Police,Police....

Mamm :(kent erem ganz opgeregt op d'Bühn..)A wât ass nömme geschitt..Margot,da schwätz dach...wât ass geschitt.. Wo' ass dann de Kâbeskapp....

Margot : (dret sech op êmol ganz se'er emm a gêt matt gro'sse Schreck erem aus a widderhuelt: Kâbeskapp..Kâbeskapp....

---

## Eng kômesch Deklamatio'n.

Am Marktplatz im Abenddämmerschein
Da steht ein Jüngling so ganz allein
Und sendet mit Sehnsucht seinen Blick
Von dort zum Jakobstor zurück
"Wo bleibt sie denn heute abend so lang?"
So seufst der Jüngling von Herzen bang.
"Vorüber schon ist die bestimmte Zeit,
Und nichts mehr zu sehen weit und breit."
Hat sie mal wieder die Zeit versäumt,
oder steht sie am Wenzeltor und träumt
Dieweil auf dem Marktplatz unbeirrt
Sie sehnsuchtsvoll erwartet wird.
"So komm doch endlich,Ich stehe hier
Mit bangem Herzen am Markte und frier,
Und wenn du mich treulos lässt im Stich
Erreich ich den Anschluss im Leben nicht."

Doch sieh...Das war sie..Im sonnigen Schein
Biegt sie zum Jakobstor hinein.
Sie ist es,jetzt kommt sie..Ich seh sie nah'n,
Die heissersehnte.......Strassenbahn...